

FSCL - GT Jeunes

Rapport vun der Reunioun vum 15.12.2020 mat der FSCL

Presenzen :

Camille Dahm, Ed Buchette, Christian Helmig, Suzie Godart, Romain Engels

❖ **Digital App a Print Versioun vun didakteschen Material**

An der Reunioun giong et haaptsächlech iwwer di geplangten App, déi d'ENEPS an Zesummenaarbecht mat der FSCL envisagéiert ze realiséieren.

Well eng gutt didaktesch Dokumentatioun Basis vun allem ass, wou eng systematesch Schoulung mat pedagogeschem know how ass, déi et esou gutt den „Trainer“ oder „Übungsleiter/Moniteurs“ vun de Vëlosschoulen, wéi och dem potentiell concernéiertem Léierpersonal zur Verfügung gestallt ka gi, soll déi an der virgenannter Zesummenaarbecht realiséiert ginn.

Dat mat der Zilsetzung vir de Kanner an déi Jonk d'Vëlofueren korrekt ze léieren, dat am Respekt vun den motoresch Altersbedéngten Fäegkeeten.

Des digital a print Dokumentatioun kann och genotzt ginn fir de Gemengen an/oder aneren interesséierten Institutiounen zur Verfügung gestallt ze ginn.

No enger éischer Phase kënnen do awer och di Übungen vum „kids - coaching“ an aneren Ausbildungen mat thematiséiert an dokumentéiert ginn, fir d'Vëlosschoulen, mä awer och scho mat enger méi „kompetitiver Approche“ vum Cyclissem fir all interresséiert.

Heimat iwerhëlt d'FSCL hir Verantwortung fir iwwer de Wee vun enger konsequenter Kanner = Nowuesförderung vu Jonken, dem Vëlossport op dem Niveau de Stellewäert ze ginn deen néideg ass fir e potentiellen Nowuess am Kompetitiounssport ze suergen, an ënnersträicht domat och hiren Interessi um Gebrauch vum Vëlo um Niveau vun der Ëmwelt, an och als Transportmëttel an der doucer Mobilitéit.

Vëlofueren, ass eng „technesch Disziplin“, wou Grundlagen vun der Stéier- Brems- Schalt- an Triettechnik e.a. d'Basis sinn, fir sech ouni Problem am Stroosseverkéier kënnen ze beweegen.

D'FSCL kéint ob deem Plang hirer Roll gerecht ginn, wann se déi „technesch“ Ufuerderungen ka vermëttelen, oder drop awierken dass duerch hier Hëllef, d'Schoulen, nieft deenen Acteuren wéi der Sécurité routièr an och der Police mat hirem Verkéiersgaart Kanner a Jonker ka motivéieren richteg mam Vëlo ze fueren.

Am Prinzip soll an der App Videosequenzen gewise ginn, déi ob der Basis vun den Übungen vum „Technikooftzechen“ bestinn.

E separat gedréckten Dokument, mat deenen selwechten Übungen soll och parallel dozou produzéiert gin.

De Christian Helmig këmmert sech ëm Detailer vun de Viraarbechten, déi musse
gemaach ginn, en vue vun de geplangten Videoopnamen, déi Ufanks 2021 kéinte
gemaach ginn.

Dozou muss en „Dréibuch“ opgestallt ginn, vun notamment dem choix vun den
Übungen an allen weideren Detailer.

❖ **COSL Spillfest 2021**

D`FSCL huet sech bereet erkläert vir um „logisteschen Plang“ ze hëllefen.

Romain Engels

Mëttwoch, 16. Dezember 2020